PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

A sengen Aussoen rondërem d'Heescheverbuet huet den Inneminister e puer Mol gesot, dass hien der Police Uweisungen ginn huet. Esou och am RTL-Interview vum 11te Mäerz. Am nämmlechten Interview sot en awer och, dass et net um Minister wier, fir der Police ze soen, wéi si sech asetze soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet den Inneminister zënter sengem Amtsuntrëtt Uweisungen un d'Police ginn?
2. Wéi wäit ginn dem Inneminister seng Kompetenzen, fir der Police Uweisungen oder Uerderen ze ginn?
3. Déi aktuell Regierung wëll eng Gemengepolice aféieren. Wéi wäit ginn engem Buergermeeschter respektiv enger Buergermeeschtech seng /hier Kompetenzen, fir der Police Uweisungen oder Uerderen ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten